



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



ZLS
Zenter fir
d'Lëtzebuenger
Sprooch

Pressedossier

Eng kohärent Offer, fir d'Lëtzebuenger Sprooch ze léieren

15. November 2019

Eng kohärent Offer, fir d'Lëtzebuenger Sprooch ze léieren

Den Interessi un der Lëtzebuenger Sprooch ass esou grouss wéi nach ni. Mir schwätzen, liesen a schreiwen op Lëtzebuergesch, net just am privaten, mee och am berufleche Liewen. Eis Sprooch ass awer och en Deel vun eiser Identitéit. Si verbënnt Leit aus ënnerschiddleche Kulturen an eiser Gesellschaft, genee esou wéi eis geliefte Méisproochegkeet.

Mir hunn eng flott a lieweg Sprooch, an et ass selbstverständlech, datt mir eis an eisem klengen Land dofir asetzen, fir se nach méi visibel ze maachen a virunzeentwéckelen. Dofir bleift d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch och weiderhin e wichtegt Uleies vun der Regierung, a méi genee vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, dee säit der Regierungsbildung vum Dezember 2018 un dofir zoustänneg ass. Ënnerstëtzt gëtt de Ministère doran an éischer Linn vum nei geschafenen Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch a vum Commissaire fir d'Lëtzebuenger Sprooch, mee och vum Conseil fir d'Lëtzebuenger Sprooch.

De Wëllen, fir korrekt Lëtzebuergesch ze schreiwen, ass an der Lescht an der Lëtzebuenger Gesellschaft ëmmer méi heefeg ëffentlech geäussert ginn. En éischechte wichtege Schrëtt war dofir, am Beräich vun der norméierter Schrëftsprooch, der Orthografie, eng eenheetlech a kohärent Basis ze schafen. Dofir steet elo eng Offer un usprechende Materialien an Online-Outilen zur Verfügung, op déi jidderee kann zeréckgräifen, deen eis Sprooch wëll schreiwe léieren, egal ob am Sproochecours oder am eegestännege Léierprozess.

Niewent de passende Léiermaterialien ass e weidere Schwéierpunkt vun der Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch, eng breetgefächert Offer u Coursen ze schafen, fir eis Sprooch verstoen, schwätzen oder schreiwen ze léieren. Am Enseignement secondaire gëtt dofir op den ieweschte Klassen en neit Fach „Lëtzebuergesch“ agefouert. Déi bestoend Offer u Lëtzebuergesch-Coursen uechter d'Land gëtt ausgebaut an um Institut national des langues gëtt eng digital Plattform mat Online-Coursë geschaf, déi besonnesch den erwuessenen Apprenantë mat berufleche Contraintë wäert entgéintkommen.

All lieweg Sprooch ännert an evoluéiert am Laf vun der Zäit. Wa mir d'Roll vun Lëtzebuergesch an eiser Gesellschaft wëllen nohaltege sécheren, musse mer eise Bléck esouwuel no hanner geheie wéi no vir riichten. No hannen, andeems mer de Räichtum vun eiser Sprooch an hirer Entwécklung dokumentéieren, ënner anerem an engem etymologeschen Dictionnaire an engem Dictionnaire vun den ale Wierder. No vir, andeems mer der Lëtzebuenger Sprooch eng verdéngte Plaz an der virtueller Welt ginn, z. B. am Beräich vun der Sproocherkennung oder vu Sproochassistenten.

E puer weider Akzenter vun den Efforten, déi gelescht ginn, fir den Erfollegmodell vun der Lëtzebuenger Sprooch och zukünfteg ze sécheren, sinn an dësem Dossier opgeléicht. Anerer wäerten an den nächste Méint a Joren dobäikommen.

1. En Engagement vun der Regierung: d'Gesetz iwver d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch

De 27. Juli 2018 gouf an der Chamber d'Gesetz fir d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch gestëmmt. Mat deem Gesetz huet d'Regierung nach emol hiren Engagement ënnerstrach, fir d'Roll vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft ze stäerken an d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch a Kultur nohalteg ze sécheren.

D'Gesetz definéiert véier grouss Ziler vun der Politik iwver d'Lëtzebuenger Sprooch: 1. d'Wichtigkeet vun der Lëtzebuenger Sprooch stäerken; 2. de Gebrauch vun der Lëtzebuenger Sprooch an d'Recherche iwver d'Lëtzebuenger Sprooch ënnerstëtzen; 3. d'Léiere vun der Lëtzebuenger Sprooch a vun der Lëtzebuenger Kultur fërderen; a 4. d'Kultur an der Lëtzebuenger Sprooch virundreiwen.

Fir d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch ze assuréieren, gesäit d'Gesetz virrangeg dräi Instanze vir:

- den **Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch (ZLS)**, deen zur Realisatioun vun der Politik iwver d'Lëtzebuenger Sprooch bäidréit an dee sech ëm d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen op nationalem an internationalem Niveau këmmert;
- de **Commissaire fir d'Lëtzebuenger Sprooch**, deen zoustänneg ass fir en 20-Joresplang ronderëm d'Lëtzebuergesch, an dee vun engem interministerielle Comité begleet gëtt. De Commissaire kuckt och, datt d'Offer u Coursen, fir Lëtzebuergesch ze léieren, duergeet, a mécht de Suivi vun de Kloen iwwert de Gebrauch oder Net-Gebrauch vum Lëtzebuergeschen an den ëffentleche Servicer.
- de **Conseil fir d'Lëtzebuenger Sprooch** (*Conseil permanent de la langue luxembourgeoise* – CPLL), deen zanter 1998 besteet, huet d'Missioun, Avisen ofzegi bei Froen iwver d'Ëmsetze vun der Politik iwver d'Lëtzebuenger Sprooch. E gëtt och en Avis gefrot bei all Gesetzesprojet, an deem et ëm d'Lëtzebuergesch geet.

2. Den ZLS: en oppent Haus fir eng dynamesch Sprooch

Den Zenter fir d'Lëtzebuenger Sprooch dréit zu der Realisatioun vun der Regierungspolitik iwver d'Lëtzebuenger Sprooch bäi. Et handelt sech ëm eng Kontakt- an Informatiounsplaz. Den ZLS ka sech op Eegeninitiativ oder op Demande vun der Regierung ëm Froe këmmern, déi mat der Lëtzebuenger Sprooch ze dinn hunn.

Am Kader vu senge Missiounen ass den ZLS beoptraagt:

- Reegelen ze publizéieren iwver d'Schreifweis an d'Grammatik vun der Lëtzebuenger Sprooch;
- linguistesche Hëllefsmëttelen auszeschaffen an unzepassen;

- Äntwert ze ginn op Froen iwver d'Schreifweis, d'Grammatik, d'Phoneetik an de gudde Gebrauch vun der Lëtzebuenger Sprooch;
- am Optrag vum Minister offiziell Dokumenter a Kommunikatiounen, déi solle verëffentlecht ginn, ze iwwersetzen.

Den ZLS betreit och de Lëtzebuenger Online Dictionnaire (LOD).

D'ZLS-Ekipp schafft enk mam Commissaire fir d'Lëtzebuenger Sprooch a mam Conseil fir d'Lëtzebuenger Sprooch (CPLL), awer och mat e sëllegen anere staatlechen a privaten Acteuren aus dem Beräich vun der Sprooch zesummen, an ass op fir all weider Offere vun Zesummenaarbecht.

Den 1. Juli 2019 huet de Luc Marteling als éischten Direkter d'Leedung vum ZLS iwverholl. D'Aktivitéiten an d'Ekipp vum Lëtzebuenger Online Dictionnaire (LOD) sinn an den ZLS integréiert ginn. Aktuell besteet d'Ekipp vum ZLS aus zéng Leit mat ganz ënnerschiddlechen Horizonter, fir den ënnerschiddlechen Ufuerderunge gerecht ze ginn.

Den ZLS ass en oppent Haus fir eng dynamesch Sprooch. Säi Siège ass zu Stroossen an der Rue du Kiem op der Nummer 163. Am einfachste sinn den ZLS an den LOD ze kontaktéiere via E-Mail: lod@lod.lu.

3. Hëllefswierker, fir d'Lëtzebuenger Sprooch ze léieren

3.1. Eng completéiert Orthografie

D'Norméierung vun der Sprooch gehéiert zu de Missiounen vum ZLS. En offiziell a komplett Reegelwierk iwver d'Schreifweis vun der Lëtzebuenger Sprooch, no deem dacks gefrot gouf, läit elo vir. D'Uleies vun dëser Orthografie ass et, déi zwee Basistexter aus de Joren 1975 an 1999 ze vereenen, ze completéieren, Onkloerheeten ze klären a Widderspréich ze eliminéieren. Dat leescht deen aktualiséierten Text. D'Upassunge betreffe ronn 1 Prozent vun de Wiederer, déi an der Lëscht vum LOD stinn.

Den Iwwergang soll awer esou duuss an einfach wéi méiglech sinn. Zesumme mat der aktualiséierter Orthografie bleift dofir déi viregt bis d'Rentrée 2020 en vigueur; eréischt vun deem Ament un ass déi completéiert Orthografie eleng gültig. Den ZLS assuréiert och de Suivi vun der Orthografie a këmmert sech ëm Froen, déi d'Schreifweis betreffen.

Déi offiziell Orthografie gëtt et gratis op Pabeier (zum Beispill op de Walfer Bicherdeeg oder ze bestelle beim ZLS). Et fënnt een se och iwwersiichtlech op www.zls.lu, wou een d'Dokument och als PDF-Datei kann eroflueden.

3.2. Aktualiséiert Léierwierker

Nieft dem Reegelwierk selwer gëtt et och ewell aktualiséiert Léierwierker fir d'Orthografie: „Eis Sprooch richteg schreiwen“ vum Josy Braun gouf vum ZLS ugepasst. Och „De roude Fuedem“ vum Christiane Ehlinger an „Verbentabellen op Lëtzebuergesch“ (mat englescher Iwwersetzung) vum Jérôme Lulling sinn à jour.

3.3. De Lëtzebuenger Online Dictionnaire (LOD)

De Lëtzebuenger Online Dictionnaire (www.lod.lu) ass komplett aktualiséiert ginn.

Ronn 28.000 Artikele sinn aktuell am LOD. Erkläert ginn déi lëtzebuergesch Wierder duerch Iwwersetzungen op Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch. Bei all Wuert sti Beispillssätz, fir de Sënn an de Gebrauch ze illustréieren, et kann ee lauschteren, wéi d'Wuert ausgeschwat gëtt, an et gëtt e sëllege Flexiounstabellen.

All d'Donnéen aus dem LOD stellt den ZLS op Open Data zur Verfügung, esou datt jiddereen domat schaffe kann. Eng ganz Partie Initiative maachen och ewell dovu Gebrauch: Spellchecker.lu, Wierderbuch-App, Aurelux, Letzspill, ...

3.4. Spellchecker.lu

An de leschte Wochen a Méint hunn den ZLS a Spellchecker.lu enk zesummege schafft.

Nei ass d'Spellcheck-Funktioun an der Sich vum LOD, déi engem Wierder proposéiert, wann ee sech vertippt huet. De Basis-Korrektur-Service vu Spellchecker.lu bleift gratis. Dora gëtt och déi offiziell Lëtzebuenger Orthografie berücksichtegt.

D'Wierderlëscht an de Synonymmen-Dictionnaire, déi als Basis vum Site Spellchecker.lu déngen, stinn enner enger Open-Source-Lizenz. Doduerch ass séchergestellt, dass d'Aarbecht och fir aner Zwecker ka benotzt ginn. Aner Applikatiounen, déi dës Daten iwwerhuelen, sinn deemno och aktuell.

Den ZLS a Spellchecker.lu hu wëlles, weider enk zesummenzeschaffen – dat am Sënn vun der Sprooch a vun den Utilisateuren vun de jeeweilegen Internetservicer.

4. Nei a modern Lëtzebuergesch-Coursen

4.1. En neit Fach Lëtzebuergesch op den ieweschte Klasse vum Secondaire

2021 gëtt op den ieweschte Klasse vum Secondaire classique a général Lëtzebuergesch als neit Fach agefouert. Op der 4C an der 3G wäert dëst Fach mat jeeweils enger Wochestonn an d'Grille horaire ageschriwwen ginn. Op der 3C/2C/1C resp. 2G/1G wäert et als Optioun ugebueden ginn.

Zil vun deem neie Fach soll sinn, de Schüler d'Freed un der Lëtzebuenger Sprooch an esouwuel Orthografie- wéi literaresch Kenntniss, mee och aner kulturell Inhalter an allgemeng Lieskompetenzen ze vermëttelen. Dofir wäerten och Léiermaterialien ausgeschafft ginn.

4.2. Digital Lëtzebuergesch léieren am *Institut national des langues*

Fir der staarker Demande no Lëtzebuergesch-Coursen nozekommen a gläichzäiteg de Constrainten vun de ville berufsstätegen Apprenantë Rechnung ze droen, ass den *Institut national des langues* (INL) am Gaang, eng Online-Plattform fir d'Lëtzebuergesch-Léieren auszeschaffen. Dës soll fir d'Rentrée 2020-2021 a Betrib geholl ginn.

Vu Februar 2020 u kënnen ausserdeem d'Evaluationstester fir d'Aschätzung vum Niveau am Lëtzebuergesch online gemaach ginn.

Och de Volet Héierverständnes vum Sproochentest, deen een Element ass fir d'Obtentioun vun der Lëtzebuenger Nationalitéit, ass am Gaang, digitaliséiert ze ginn. Déi éischt digital Epreuve kënnen am zweete Semester 2019-2020 ofgehale ginn.

Zousätzlech ass geplangt, fir d'Rentrée 2020 e Lëtzebuergesch-Cours am *blended learning* (hallef *présentiel* an hallef *à distance*) unzebidden.

4.3. Erwuessenebildung

Déi landeswäit Offer u Lëtzebuergeschcoursë fir Erwuessener (Lëtzebuergesch als Friemsprooch an Orthografie) gëtt nach weider ausgebaut, fir der ëmmer méi staarker Demande gerecht ze ginn. D'Formatioun „Lëtzebuenger Sprooch a Kultur“, déi vum *Institut national des langues* (INL) a vum Institut fir lëtzebuergesch Sprooch- a Literaturwëssenschaft vun der Uni Lëtzebuerg ugebuede gëtt, gëtt nach weider promovéiert, fir datt méi fachlech kompetent Formateure kënnen ausgebild ginn.

5. E puer weider Haaptakzenter an der Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch

5.1. Kontinuéierlechen Ausbau vum Lëtzebuenger Online Dictionnaire

En Dictionnaire kann ni ofgeschloss ginn, mee quasi all Dag gi Wieder opgeholl, fir en ëmmer méi komplett a performant ze maachen. Den LOD bleift dofir eng vun den ieweschte Prioritéite vum ZLS a gëtt an den nächste Jore konsequent ausgebaut.

Doriwwer eraus kritt den LOD e ganz neien Design a gëtt nach méi benutzerfrëndlech, mat enger verbesserter an thematescher Sichfunctioun, der Méiglechkeet, am Dictionnaire ze „bliederer“, asw.

No an no sollen och d'Beispillssätz als Audio-Datei opgeholl an an déi véier aner Sprooche vum Dictionnaire iwwersat ginn.

Nieft der Audio-Functioun kritt den Utilisateur déi eenzel Wieder deemnächst och a phoneetescher Schrëft presentéiert, fir bei der Aussprooch ze hëllefen. Infoboxe sollen an Zukunft nach méi geziilt Zousazinfoen zu de Wieder am Dictionnaire liwweren, awer och zu den orthografesche Changementer.

Aktuell ass de Lëtzebuenger Online Dictionnaire déi eenzeg Form vum Lëtzebuenger Dictionnaire, op deen an der offizieller Orthografie Referenz geholl gëtt. Et ass awer geplangt, eng „Print on Demand“-Versioun ze offrëieren an och an e puer Joer eng offiziell Versioun op Pabeier.

5.2. En etymologeschen Dictionnaire vun der Lëtzebuenger Sprooch

Eng wichteg Etapp vun der Erweiderung vum LOD ass d'Integratioun vun den etymologeschen Informatiounen, d. h. vun den Erklärungen iwwer d'Hierkonft vu Wieder a Wuertdeeler. Vill Leit, déi

mat der Sprooch ze dinn hunn, interesséiere sech scho säit Laangem fir esou en etymologeschen Dictionnaire.

5.3. En Dictionnaire vun den ale Wierder aus der Lëtzebuenger Sprooch

Nei Wierder entstinn a fannen hire Wee an de geleefge Vocabulaire, während aner Wierder manner gebraucht ginn an esouguer a Vergiessenheet geroden. Fir de Räichtum vun eiser Sprooch geziilt ze dokumentéieren a méi einfach accessibel ze maachen, wäert den ZLS déi al Wierder am Lëtzebuergesche konsequent registréieren (zum Deel op Basis vun existente Ressourcë wéi dem „Luxemburger Wörterbuch“) an an den LOD integréieren.

5.4 Sproocherkennung: d’Lëtzebuenger Sprooch an der virtueller Welt

D’Lëtzebuenger Sprooch huet de modernen Technologien an den neie Medie vill ze verdanken. Fir datt déi Renaissance net vu kuerzer Dauer ass, dierf d’Sprooch den Zuch vun den neien techneschen Entwécklungen net verpassen. De Koalitiounsaccord gëtt dann och explizitt vir, datt d’Lëtzebuenger Sprooch eng Plaz an der virtueller Welt kréie soll an datt d’Méiglechkeet vu Sproochassistente gepréift gëtt. Dofir ass et néideg, digital Basisressourcen auszeschaffen.

Ufank 2020 mécht den ZLS zesumme mat der Uni Lëtzebuerg (a weidere Partner) éischt ganz konkreet Schrëtt a Richtung Sproocherkennung. D’Zil ass et, eng 500 Opname vun identesche Sätz vun ënnerschiddleche Spriecher a verschiddene Schwätzsituatiounen ze maachen, fir op dës Manéier eng Basis fir eng Sproochassistenz ze kreéieren – eng Basis, déi op Wonsch natierlech jidderengem zur Verfügung gestallt gëtt.

5.5. E Kanon vun der Lëtzebuenger Literatur

Fir dem Grand public an de Schouklasse de Lëtzebuenger Patrimoine am literaresche Beräich méi no ze bréngen, ass geplangt, an den nächste Joren e Kanon vun der Lëtzebuenger Literatur erauszubréngen. Vun 2020 u wäert de Ministère (SCRIPT) dofir all Joer ee Lëtzebuenger Auteur a säi Wierk an d’Vitrinn stellen. 2020 wäert dat de Michel Lentz sinn, an den Accent wäert op der gesellschaftlecher Roll vun Heemecht, Hämmelesmarsch a Feierwon sinn. Jiddwer Auteur wäert och e Kapitel um Site www.kulturgeschicht.lu gewidmet ginn.

5.6. Eng permanent Ausstellung iwver d’Lëtzebuenger Sprooch

Zu de Missioun vum ZLS gehéiert och d’Konzeptioun vun enger Ausstellung mat den Theemeschwéierpunkten „Geschicht vun der Sprooch“ an „Entwécklung vun der Kultur“. Déi Ausstellung soll permanent sinn. 2020 fänken d’Virbereedungsarbechten un.

Gläichzäiteg wëllt den ZLS bei d’Leit goen, fir nach méi einfach Kontakt zu hinnen opzehuelen. Et ass geplangt, eng Rëtsch Reuniounen iwver Stad a Land ze maachen, fir d’Sprooch ze thematiséieren, fir den ZLS bekannt ze maachen a fir mat de Leit an d’Gespréich ze kommen.

Deen envisagéierten Echange soll och duerch Onlineaktivitéiten (um Site zls.lu, awer och an de soziale Medie Facebook, Twitter, Instagram) gefleegt ginn.

Retrouvez l'actualité du ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse sur www.men.lu et sur Facebook